



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7868 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

Eng Rei vu Froe vum honorabelen Deputéierte betreffen d'Applikatioun **eduCarnet**. Am Joer 2019 huet de Service de la formation professionnelle (SFP) zesumme mat de Beruffskummeren decidéiert, e Cahier des charges auszeschaffen, fir de Carnet d'apprentissage ze digitaliséieren. D'Firma **WILDmotion** huet d'Konzept ausgeschafft, dëst am Optrag vum SFP fir e Budget vun 10.296 € TTC. Der Firma **WILDmotion** war et aus verschiddene firmen interne Grënn awer net méi méiglech dëse Projet weider ze entwéckelen. De CGIE huet dorophin missen innerhalb vun kuerzer Zäit en Développeur fannen, deen esouwuel zäitlech disponibel wier, wéi och de budgetären Kader kéint anhalen. Fir d'Entwécklung vun dem **eduCarnet** waren an der Gestiou vum Projet ronn 50.000 € virgesinn. De CGIE ass op eng Rei vu kommerziellen Acteuren zougaaen, déi awer uginn hunn, den zäitlechen a finanziellen Kader net kéinten anzehalen. Dem CGIE säi Choix ass finalement op d'Firma **Apporix** gefall, déi d'Entwécklung vun der App **eduCarnet** op Basis vum Cahier des charges iwwerholl huet fir e Budget vun 50.808 € HTVA.

Generell ass et esou, datt d'Softwareentwécklung vum Educationministère der Kompetenz vum Centre de Gestion informatique de l'Éducation (CGIE) ënnerläit, deen dofir eng Division études et développements huet. Am Fall, wou keng intern Ressourcë vum CGIE disponibel sinn oder de CGIE keng IT-Kompetenzen an engem bestëmmten Domaine huet, ass et üblech, wann och seelen, datt op eng extern Firma zeréckgegraff gëtt; sou och bei der Entwécklung vum **eduCarnet**. D'Krittäre sinn heibäi de Präis, d'Kompetenz an d'Disponibilitéit, dëst am Respekt zum Marchés-publics-Gesetz.

Wat d'Entwécklung vum **e-Bichelchen** ubelaangt, esou gouf déi initial Konzeptaarbecht Mëtt Mee 2022 vum CGIE an d'Weeër geleet. Eng éischt Versioun vum Konzept vum **e-Bichelchen** gouf Mëtt Juni 2022 de Grondschool-Direktioun presentéiert. Dorophin gouf en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff, deen de Projet bis haut regelméisseg begleet. Bis haut huet dësen Aarbechtsgrupp sech dräi mol getraff, weider Réuniounen si geplangt. An deem Grupp vertruede sinn d'DG Enseignement fondamental an d'DG Enfance, d'Direktioun vum EF, de CGIE, d'Gewerkschaft SNE an d'SEA-Strukturen.

Déi reng Entwécklungskäschte vum **e-Bichelchen** hu sech am Joer 2022 op 46.104 € HTVA. belaf. Am Joer 2023 si fir d'Phas vum Insourcing an der Begleedung vum Projet 46.560 € HTVA a Rechnung gestallt ginn. No dem Ofschluss vun dëser Iwwergangsphas ënnerhält den Educationministère keng Relatiounen méi mat der uewe genannten Firma.

De Grond, firwat de CGIE-Direkter op de Wee vum Outsourcing gaangen ass, ass datt am CGIE keng intern Entwéckler iwwer d'Summervakanz disponibel waren. Dofir huet den Direkter d'urgence no enger Léisung gesicht, dëst eenzeg an eleng am Intérêt vum Ministère a vum Projet. Vu d'Disponibilitéit, d'Erfaarung an de kompetitive Präis, huet de CGIE-Direkter dësen Optrag un **Apporix** verginn, dëst am Aklang vum Marchés-publics-Gesetz. Weider huet de CGIE-Direkter hei zu kengem Moment en Interessekonflikt gesinn, well de Stellvertrieder vum CGIE-Direkter zu kengem Moment an den Entscheidungsprozess mat agebonne war.

Lëtzebuerg, de 16. Mee 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH